

Fédération Luxembourgeoise de Marche Populaire asbl



N° registre de commerce : F1749

Membre du Comité Olympique et Sportif Luxembourgeois (COSL)
Membre de la Fédération Internationale des Sports Populaires (IVV)
Membre de la Fédération Européenne des Sports Populaires (EVV)



B.P. 56 · L-9201 Diekirch · Internet: www.flmp.lu · e-Mail: info@flmp.lu · GSM: 691 302 687
compte bancaire N°: CCPLLULL LU90 1111 0469 4089 0000

Ref. : FLMP-2019-237

Newsletter 1 / 2019

Abrëll 2019

Plastik op eise Wanderungen

Zanter dësem Joer huet d'Lëtzebuerger Wandersportfederatioun sech géint de Einwegmaterial op de Wanderungen ausgeschwat an d'Veräiner opgeruff, op de Kontrollposte keng Becheren unzebidden, ausser am Ausnahmefall fir e Präis vun 0,50 €, déi sollen un Natur & Ëmwelt gespent ginn. Leider hu bis elo nach net vill Veräiner dës Initiativ ënnerstëtzt resp. applizéiert.

Bericht vun eiser Generalversammlung

De Rapport vun der Generalversammlung vum 9. Februar 2019 zu Schëffleng ass alle Veräiner mat der Post schréfflech zougeschéckt ginn.

Eventuell Reklamatiounen zu dësem Text musse bis spéitstens den 30. Abrëll 2019 schréfflech un d'FLMP-Sekretariat geschéckt ginn.

Dëse Rapport gëtt dann op der nächster Generalversammlung definitiv adoptéiert.

Yuppi-Walk 2020

Dëst Joer organiséiere mir fir déi 4te Kéier d'Yuppi-Walken zesumme mam Cactus. An der Tëschenzäit hu mer schonns eng Partie nei Membere kritt, déi duerch de Yuppi-Walk op eise Fräizäitsport gestouss sinn.

Schonns dëst Joer gëtt et e puer kleng Ännerungen, well mer de Kanner et erlaben, och bei anere Wanderungen zousätzlech Stempelen an hire Yuppi-Pass ze sammelen.

Fir 2020 siche mer erëm 4 Veräiner, déi bereet si fir e Yuppi-Walk ze organiséieren an och bereet si fir op der Yuppi-Stréck déi eng oder aner Iwwerraschung (Spill) mat anzubauen.

Kandidaturen fir ee Yuppi-Walk 2020 si bis den 30. Abrëll schréfflech un d'FLMP-Sekretariat ze schécken.

Zeechne vun eise Strecken

Wéi schonns ugekënnegt, musse mer eis fir d'nächst Joer eppes afale loosse fir eis Strecken ze zeechne. Vill vun Iech hu schonns no Léisunge gesicht resp. Léisunge fonnt.

Fir datt jiddere ka vun dësen Iddie profitéiere resp. fir datt mer eis eventuell kënnen op eng gemeinsam Léisung festleeën, biede mer all d'Veräiner ons hir Iddien a Proposen eranzeschécke bis Enn Abrëll fir datt mir duerno kënnen no der beschter Léisung sichen.

Elo schonns e ganz grouse Merci fir d'Mataarbecht.

Sportsdag vun der Fonction publique

D'selwecht wéi d'lescht Joer si mir och dëst Joer erëm gefrot ginn, fir beim Sportsdag vun der Fonction publique den 11. Juli 2019 nomëttes vun 13.00 bis 17.00 Auer eng geféiert Wanderung unzebidden.

Insgesamt sinn 3 Gruppe vu jeeeweils 50 Leit virgesi fir 5 oder 10 km mat eis ze trëppelen. Weider 2 Gruppe vu jeeeweils 30 Leit sollen an engem Nordic-Walking-Grupp begleet ginn.

De Verwaltungsrout vun der Lëtzebuerger Wandersportfederatioun eleng bréngt dëst net fäerdeg an dofir maache mir en Opruff un eis Veräiner, fir déi eng oder aner Persoun ze fannen, déi mathëllefe wëll fir dës Gruppen ze begleeden.

Mellt Iech am FLMP-Sekretariat iwwert Email un flmp@pt.lu

50 Joer FLMP – 1971 – 2021

A knapp zwee Joer wëll eis Federatioun säi 50te Gebuertsdag feieren. Dofir musse mer awer e Programm opstellen an och déi néideg Iddie matbréngen.

Aus dësem Grond gëtt en Aarbechtsgrupp zesummegeallt fir en adequate Programm fir dës groussen Anniversaire ze feieren.

E puer Leit hunn sech och schonns gemellt, mee mir waarden nach op Iech fir eis an dësem Grupp ze ënnerstëtzen.

Och hei gëllt et, mellt Iech am FLMP-Sekretariat iwwert Email un flmp@pt.lu

Online-Shop vun der FLMP

Zanter e puer Joer bidde mir op eise Wanderunge verschiddent Material fir Wanderer un, deelweis awer och iwwert eist Sekretariat.

Kuckt Iech emol déi nei Rubrik „Shop“ op eisem Internetsite www.flmp.lu un an informéiert Iech iwwert all d'Saachen, déi Dir do kënn bestellen.

Poloen, Becheren, Mutzen, Kapen, Buffen an Aufnäher fannt Dir an eisem Shop. Och de Package vun alle PW-Startkaarten oder de PW-CUP1 an 2 grad esou wéi de Mullerthal Trail-Cup kënn Dir an eisem Shop bestellen.

Och eng PW-Onlinekaart kënn Dir Iech iwwert eisen Internetsite eroflueden, dëst an der Rubrik „circuits permanents“. Dëst erlaabt Iech, och emol e PW ze wandern, wann d'Verkafsplaz vum jeeweilege PW eventuell zou huet.

Gesond iessen – méi beweegen

An der Woch vum 8.-13. Juli 2019 organiséiert de Gesondheitsministère eng Aktiounswoch an der Belle Etoile zu Bartreng, wou och d'Lëtzebuerger Wandersportfederatioun mat engem Stand soll vertrauede sinn.

Och hei brauche mer d'Hëllef vun onse Veräiner. Mierkt Iech elo schonns dësen Datum vir, sou bal mir weider Informatiounen hunn, melle mir ons bei Iech.

Locatioun vum Sall fir d'Organisatioun vun enger Wanderung

Vill Veräiner musse fir hiert d'Startlokal (Sportshal, Centre culturel, etc) eng Locatioun un d'Gemenge bezuelen, anerer hunn do e bëssi méi Chance. No eiser Entrevue mam Sportminister huet dësen sech bereet erkläert, fir bei de Gemengen ze intervenéiere fir datt och d'Organisatioun vun enger Wanderung kann ouni zousätzlech Locationskäschten organiséiert ginn.

Selbstverständlech wäer mir frou, wann Dir dës Informatiounen och kënn un Är Membere weider ginn.